ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 18. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An de Medie konnt ee rezent liesen, datt Norwegen seng Impfstrategie geännert huet, virun allem am Hibléck op déi eeler Leit. Déi norwegesch Gesondheetsbehörd huet domat op Virfäll reagéiert, wou et besonnesch bei eelere Leit, déi zousätzlech an enger gesondheetlech ganz schlechter Verfassung sinn, zu graven Niewewierkungen a Stierffäll komm ass, nodeems dës mat mRNA-baséierten Impfstoffer geimpft goufen.

An deem Kontext géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung déi uewe beschriwwe Virfäll an Norwege bis dato schonn zur Kenntnis geholl?
2. Wa jo, gedenkt d'Regierung hir Impfstrategie am Hibléck op déi eeler Leit, déi an engem gesondheetlech schlechten Zoustand sinn, no den Erkenntnisser, déi Norwege gemaach huet, ze iwwerdenken?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten